


# Leserbriefe

Betrifft: Interview vom Wahlabend in "forum" Nr.99

Lieber "forum"-Journalist,

Mit dem Journalismus ist es so eine Sache. Was mensch auch schreibt, irgendjemand fühlt sich garantiert auf die Füße getreten. In diesem Fall bin ich es.

Als wir beide am Wahlabend ein Gespräch über das Abschneiden der Gréng Alternativ führten, zeichnetest Du dieses auf, in der ausdrücklichen Absicht, "Ideen zu sammeln". Keineswegs war klargestellt worden, daß:

1. dieses Gespräch später in Form eines Interviews in "forum" erscheinen sollte
2. dieses Interview quasi "in Konkurrenz" zu dem von J. Weber abgedruckt würde
3. ich nicht mehr die Gelegenheit haben würde, die schriftliche Fassung gegenzulesen.

Meiner Meinung nach gehört zu fairem Journalismus, daß der/die GesprächspartnerIn in Kenntnis gesetzt wird über Änderungen in Form und Konzept des Artikels, und bei Interviews, das Recht auf Textkorrekturen hat. Ich denke, wir hätten uns beide viel Ärger erspart, wenn dies der Fall gewesen wäre.

Nun denn, aufgrund einer formal falschen Aussage von mir, sowie durch unglückliche Verkürzungen des Textes Deinerseits fällt die Antwort auf die erste Frage S.7 so aus, daß ich nicht hinter ihr stehen kann. Ich möchte sie deshalb durch Folgendes ersetzen:

"Haut ewéi deemols sin op eiser Lescht Leit vun alle politeschen Borden vertruede gewiescht, an dobei woren haut ewéi deemols och Leit, di fréier an deene verschiddensten Organisatiounen lenks vun der CSV geschafft hun. Et spillt ménger Meenung no keng Roll, wéi ee Wee d'Leit gemaach hun, ier se bei die Gréng Alternativ komm sin, mee op si sech elo mat eisem Programm identifizéieren. Fir d'Lescht an der Stad zesummenzestellen, ass iwer di Leit oofgestemmt gin, di sech gemellt hun. Wien net op der Lescht ass, huet sech net gemellt, ass bei der Wahl duerchgefall oder huet seng Kandidatur zeréckgezunn. Wanns Du mengs, et wären des Kéier keng Fundien op eiser Lescht gewiescht, muss ech awer d'Fro zeréckstellen: Wien oder waat ass fundi? Waat ass eng roud Vergaangenheet? Ass roud daat selwecht wi fundi? Mir schéngt, di Wieder missten emol fir d'éischt definéiert gin. Ech haat alt gemengt, ech wär selwer e besse fundi..."

Renée Wagener

*

*Nachstehender Leserbrief konnte leider aus Platzgründen in der letzen "forum"-Nummer nicht erscheinen. Obwohl sein Inhalt inzwischen von den Ereignissen überholt ist, wollen wir ihn veröffentlichen: erstens, weil wir uns über jeden Leserbrief freuen (leider sind sie sehr selten); zweitens, weil das angesprochene Problem nur aufgeschoben und nicht aufgehoben ist. Die Red.*

B., den 4.10.87

Léif Frënn,

Ech hun Aer lescht Nummer vum "forum" iwert d'Thema "Bëschofswahl" mat grousser Opmierksamkeet gelies. Dir hut mir dodurch eng déck Flou an d'Ouer gesaat.

Aus deem wat Dir (a besonnesch de Jupp W.) do schräiwt, kënnt een eppes Konkretes ennerhuelen: Wéi wier et wann de "forum" d'Chrëschten aus hirer passiver Roll géif erausrappen durch eng Emfro: All Lëtzebuerger (an all Leit, déi zu Lëtzebuerg wunnen) sollen d'Nimm vun dräi Kandidaten aschékken, déi si gären als Bëschof hätten.

Ech sin der Meenung, datt de "forum" fräi an onofhängeg genuch ass, fir esou eng Emfro ze lancéieren. Dës Emfro kann och nach an anerenZeitungen (resp. Reklamenzeitungen) ugekënnegt gin.

Aus der Emfro kënnten folgend Conclusiounen gezu gin:

1) Wien ass de "geheime" Bëschof vu Lëtzebuerg?
2) Wéivill Leit interesséieren sech iwerhaapt (nach) fir dëst Thema?

Ech hoffen heimat, datt de "forum" mir hëlleft, aus menger passiver Roll als Fra vis-à-vis vun der Hierarchie erauszetrieden.

M.-J.G.